PSYCHOLOGIE

Titulaire(s) du cours : CAMPAGNA Norbert
Classes et horaires : 1ère / 2e – mercredi de 14h25 à 16h10

Finalités et objectifs de l'option

D'Psychologie ass d'Wëssenschaft vun der Psyche, also vun der Séil. Si bréngt eis dozou, an eis selwer ze kucken, méi genee do wou eis Wahrnehmungen, eis Gedanken, eis Gefiller, asw. hier Plaaz hunn. Seit Joordausenden versicht de Mensch ze verstoen, waat do genee oofleeft, wisou et zum Beispill bei denen éngen esou, bei denen aaneren aanescht funktionéiert, wisou déi éng zu Märder an Doudschléier, déi aaner zu Helleger ginn, wisou déi éng dëst an déi aaner eppes aanescht dreemen, wisou déi éng „geckeg" an déi aaner „normal" – oder vléicht jhust „aanescht geckeg" – sinn. Mä awer och, wisou déi éng sech méi liicht manipuléieren loossen ewéi déi aaner – an vierun allem, wéi een d'Leit ka manipuléieren wann een weess, wéi hier Psyche funktionéiert.

Programme

An der Optioun Psychologie soll en kléngen Abléck an den riesegen Domän vum menschlechen Séileliewen gi ginn. Mier wärten enert aanerem iwwert den Freud schwätzen, mä awer och iwwert déi modern Neurowëssenschaften, fier déi d'Séil an d'Gehier eigentlech daatselwescht sinn. D'Draamdeitung soll zur Sprooch kommen, mä och d'Psychopathie, ebenfalls d'Fro vun der Intelligenz an vun den Intelligenztester, genauso wéi d'Fro vun der psychologescher Basis vun der Relioun – an fierwaat net och d'Fro, wisou mer eis esou vill Froen iwwert eis selwer stellen.